Rapport vun eiser Réunioun vum 21. Januar 2016

Présent waren : Simone Frank, Jorge De Sousa, Astrid Kontz-Krause, Claude Kontz, Eliane Krier-Scholler, Elvire Olinger-Ferber, Danielle Danielle Thiry-Blang, Sophie Dreisbach, Manuela Reuter

Entschëllegt war : Eliane Barthel, Linda Chretien, Bettina Vogel

Ufank : 19.00 Auer

Verschecken vun den Cotisatiounsbréiwer

- Mir hun als Elterecomité Cotisatiounsbréiwer agetuut, d'Adressen drop gepäscht an den Jorge als Trésorier geet se op Post brengen fir ze verschécken.

Kantinskaart

- Et ass bei Restopolis nogefroot ginn fir datt mir als Elterencomité eng Kantinskaart kéinten kreien. Mee well mir keen IAM Konto hun, wier et net meiglech.
- Mir bleiwen lo mol hannendrun an kucken ob et net dach iwwert een Wee meiglech ass en Kaart ze kreien. Ansonsten fueren mir eben iwwert Kaart vun onsen Kanner.
- Wichteg ass awer datt mir regelmäisseg an Kantine schmaachen ginn.

Subsiden

- Den Spos huet ugefroot fir en Subside vun eis ze kreien an mir ënnerstëtzen sie ganz gären mat engem Don vun 500 Euro.

Roll Up

- Den Jorge huet eis 3 Devien rangescheckt fir ze kucken wat mir fir een Roll Up kënnen huelen.
- Fir déi nächst Réunioun soll en Entworf wat drop stoen kënnt virleihen. Simone këmmert sech drems fir Fotoen vum LJBM unzefroen.

Talentowend

- Den Talentowend ass den 26. Februar
- Mir als Elterecomité sinn mat 2 Persounen an der Jury.
- Mir machen keen Verkaafsstand, mee mir hellefen wou mir gebraucht ginn.
- Den Jorge mëscht en Stand fir d'Organspenden virzestellen.
- Détailer dovunner ginn dem Schuelercomité nach matgedeelt.
- Den Elterecomité soll puer Kuchen matbrengen.

Divers

- Den Jorge huet eng Propose gemach fir den Téléthon *E Kick fir Krankheeten* ze ënnerstetzen. Dat sinn kurz Fussballturneieren, dei am LJBM ofgelaaf ginn sinn an den Erléis koum dem Téléthon ze gudd.
- Mir hun doriwwer geschwaat an hun prinzipiell keen Problem des Initiative ze ënnerstetzen, mee et wier gudd wann d'Organisateuren op eis giffen zeréckkommen resp. eis em Hëllef froen.

➢ Nächst Réunioun ass ***Donneschdes den 25.02.2016 um 19.00 Auer***

Enn: 21.00 Auer